DE COMENIUSPROJET PAPERFREE WEEK

2008-2010

Eng Schoul ouni Pabeier? Kann et dat ginn, a soll et dat ginn? Wann d'Äntwert op dës Fro kloer ass: "Dat ass bal onméiglech", da war et der 11TG an hire Proffe grad esou kloer, dass am Schoulalldag vill Pabeier verbëtzt gëtt, wéi se décidéiert hunn beim Comenius Projet "Paperfree Week" matzeschaffen. Sou sollt d'Leitiddi vun enger Woch ouni Pabeier och net drop ugeluegt sinn, de Pabeier am grousse Ganzen ofzeschafen. Et war éischter en Experiment wat sollt weisen, wou Pabeier an eise Schoulen am Iwwerfloss benotzt gëtt, a wat dann elo tatsächlech guer net ouni Pabier geet. Doriwwer eraus sollt de Projet souwuel d'Schüler wéi d'Proffen uspornen déi vill informatesch an audiovisuell Mëttelen, déi mer hunn, sënnvoll a méi konsequent anzesetzen. Sou hu mer festgestallt, datt mer an eiser Schoul vu Videokamera'en, iwwer Computeren, elektronesch Tafelen, Overhead-Projekteren, Beameren, mp3-Playeren, bis zu engem elektronesche Klassebuch an der mySchool Platform eng ganz Rei Hëllefsmëttelen hunn, fir op vill verschidde Manéieren ze léieren, ze kommunizéieren, a Schoul ze halen. Et ass äis awer och séier opgefall, datt mer heiansdo, souwuel als Proffe wéi als Schüler, e grousse Bou ëm den Asaz vun all dene Mëttele maachen, net zulescht well mer net gewinnt sinn domat ze schaffen. Zesumme mat eisen europäesche Partner hu mer eis dofir 2008 als Ziel gesat, méi gezielt op elektronesch Hëllefsmëttelen zeréckzegräifen.

En Challenge, sëcherlech. Mee, wéi all Austauschprojet, och eng spannend Manéier fir ze gesinn wat et an aneren europäesche Länner heescht an d'Schoul ze goen, ze liewen, an un engem gemeinsamen europäesche Projet ze schaffen. Zesumme mat eise Partnerschoulen aus der Belsch, Dänemark, a Spuenien, konnte mer dës a vill aner Erfarungen deelen. Sechs mol hu mer äis iwwer zwee Schouljoer an dene verschiddene Länner mat eise respektiven Delegatioune getraff, fir zesummen d'Iddi vun enger digitaler Schoul méi genee ënnert d'Lupp ze huelen an eng Woch ouni Pabeier an all Partnerschoul z'organiséieren. Sou huet dann op all Meeting och eng Equipe Schüler aus all Land présentéiert, wat an der Tëschenzäit an deene verschiddene Schoule geschafft ginn ass. An och déi Présentatiounen, sinn a Form vu klenge Video'en, déi d'Schüler gedréit a geschnidden hunn, gemaach gin, oder awer als Powerpoint Présentatioun. Dobäi ass natierlech dee positiven Aspekt komm, datt all Schüler no an no e bësse méi fräi konnt virun engem Publikum op Englesch schwätzen. Sou ass dann och d'Endprodukt vun dem Projet e Film, dee mer op deem leschte Meeting, vum 11. bis de 15. Mee 2010, zu Eeklo an der Belsch zesummegesat hunn. Dëse Film dokumentéiert d'Schwieregkeeten, déi mer alleguer ënnerwee haten, an d'Emsetzen vun der "paperfree week" an deene verschiddene Partnerschoulen.

Mer hunn also vill geléiert... Wéi ee méi efficace mat neie Medien an der Schoul schafft a wéi ee méi séier a besser kann an der Schoul kommunizéieren. Geléiert hu mer awer virun allem, wat an aneren europäesche Länner anescht ass wéi bei äis: Wéi eng belsch Schoul et fäerdeg bréngt, datt tëschent 300 a 400 Schüler all Dag mam Velo an d'Schoul kommen, wéi an dänesche Schoulen ganz Ofschlossexamen iwwer Computer gemaach ginn, wéi d'Leit an Dänemark, der Belsch an a Spuenien an hire Famille liewen a wat jonk Leit an hirer Fräizäit maachen. Mat klenge Schrëtt hu mer zesum-

men also dat erreecht, wat mer sou dacks selwer vun der Schoul erwaarden, a wëlle fäerdeg bréngen: Schüler hëllefen europäesch Biirger ze ginn, déi verstinn wéi Europa kann zesummewuessen, a wéi ee responsabel ka mat dene verschiddenste Problemer an Ënnerscheeder ëmgoen. Sou hu mer mat enger Tréin am Knäpplach, mee och em vill Erfarungen a Frëndschafte méi räich e flotte Projet ofgeschloss.

Marc Gillet